Création et update d'**un site Instagram du Klimateam-ALR (#klimateamalr)** – près de 150 followers après seulement quelques semaines de mises en ligne!

Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

# WAASSER AN DER RÉIDENER GEMENG

Wat soen eis Gemengen-Responsabel heizou?



**D'Waasserverwaltung setzt op een neien Ëmgang mat Reewaasser. D'Reewaasser soll souwäit wéi méiglech aus dem Ofwaasserkanal entkoppelt ginn. Verdonsten, versickeren an notzen ass d'Devise. Wéi gëtt dat ze Réiden ëmgesat?**

An allen neie Quartier'en, wou ee PAP muss gemaach ginn, gëtt een Trennsystem geluecht fir d'Reewaasser aus dem Ofwaasserkanal eraus ze halen. Mir offréieren de Leit och eng Reewaasserprime wann se sech eng Reewaasseranlag installéiere loossen. Mee et gëtt leider net vill vun där Prime profitéiert. Mir wëllen awer mat guddem Beispill virgoen a beim neie Gemengenatelier eng Reewaasseranlag abauen. Den Iwwerlaf vun der Quell Weiherchen wäert och genotzt gi fir ze netzen an d'Maschinnen ze botzen.

**Fir d'Waasser ze schützen, duerf säit 2016 op ëffentleche Platzen net méi gesprëtzt ginn. Engagéiert sech d'Gemeng och doriwwer eraus fir den Asaz vu Pestiziden ze verréngeren?**

Mir kafen eis Summerblumme bei Fournisseuren, déi keng Pestiziden fir d'Opzuucht benotzen a mir denken och doriwwer no fir an eise Pachtverträg ze vermierken, datt op den eisen eegene Lännereie keng Pestiziden däerfe benotzt ginn.

**Wéi ass et mam Entretien vun de Gemengegebaier? Gëtt bei de Botzmëttelen op den Asaz vu Chemikalië verzicht?**

Fir eis Gemengegebaier benotze mir Bio-Botzprodukter. Just fir d'Crèche misste mir dës Botzmëttele wiesselen, wëll do besonnesch streng Virschrëften hisiichtlech der Keimfräiheet gëllen.

**Wat gëtt gemaacht fir d'Drénkwaasser ze schützen?**

Mir hunn mëttlerweil 3 Drénkwaasserschutzzone ronderëm eis 2 Quellen an eisen 2 Buerungen ausgewisen. Mir wëllen och weiderhin eist eegent Drénkwaasser hei an der Gemeng produzéieren. Dofir wäerte mir nach eng weider Buerung ze Nidderpallen maachen an d'Quell „Weiherchen" wäert deemnächst sanéiert an nei gefaasst ginn.

**Ginn d'Analyse vun der Drénkwaasserqualitéit reegelméisseg veröffentlecht?**

D'Analyse fënnt ee bei eis am Internetsite an si ginn och am Kropemann 2 mol d'Joer veröffentlecht.

**Wéi héich sinn d'Fuitten am Drénkwaasserresereau?**

Eise Waasserreseau gëtt zwar elektronesch iwwerwaacht, mee et ass schwiereg genau ze quantifizéiere wéi vill Fuitten am Reseau sinn.

**Wat kascht ee Fudder Drénkwaasser an der Gemeng Réiden?**

D'Drénkwaasser kascht 2,60 €/m³ an d'Ofwaasser 2,70 €/m³.

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T +352 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com

Mat finanzieller Ënnerstëtzung vun

# D'DRÉNKWAASSER AN DER GEMENG RÉIDEN

## L'eau potable dans la commune de Redange

**1 Quell Weiherchen**
Een Deel vum Waasser fléisst an d'Pompelstatioun vun Nojem an een aneren Deel an de Waasserbehälter vu Réiden. Et ass geplangt fir dës Quell ze sanéieren.

**2 Pompelstatioun Nojem**
Faasst 60 $m^3$. Pompelt d'Waasser vun der Quell Weiherchen an de Waasserbehälter vu Lannen.

**3 Waasserbehälter Lannen**
Faasst 250 $m^3$. Hei steet eng UV-Anlag fir d'Waasser ze desinfizéieren. D'Uertschafte Lannen an Nojem kréien hiert d'Drénkwaasser aus dësem Behälter.

**4 Quell Kuelemeeschter**
D'Waasser gëtt an de Waasserbehälter vum Krëschtelbierg gepompelt.

**5 Buerungen Krëschtelbierg**
Dës 2 Buerunge goufen 1982 an 2009 ugeluecht an si sinn ca. 100 m déif. D'Waasser gëtt an de Waasserbehälter vum Krëschtelbierg gepompelt.

**6 Waasserbehälter Krëschtelbierg**
Faasst 1000 $m^3$. Hei steet eng UV-Anlag fir d'Waasser vum Kuelemeeschter ze desinfizéieren. Dëse Behälter beliwwert Osper, de Waasserbehälter Räichel, de Waasserbehälter Nidderpallen an de Waasserbehälter Réiden.

**7 Waasserbehälter Räichel**
Faasst 50 $m^3$. Beliwwert d'Haushälter vu Räichel.

**8 Waasserbehälter Nidderpallen**
Faasst 50 $m^3$. Beliwwert d'Haushälter vun Nidderpallen.

**9 Waasserbehälter Réiden**
Faasst 200 $m^3$. Hei kënnt den Iwwerlaf aus der Quell Weiherchen an d'Waasser aus dem Behälter Krëschtelbierg zesummen. Vun hei aus gëtt d'Drénkwaasser an den ënneschten Deel vu Réiden geleet.

***1 Source Weiherchen:***
*Une partie de l'eau coule dans la station de pompage de Nagem et l'autre partie dans le réservoir d'eau de Redange. Il est prévu de renouveler ce captage.*

***2 Station de pompage Nagem***
*Contenance de 60 $m^3$. Pompe l'eau de la source Weiherchen dans le réservoir d'eau de Lannen.*

***3 Réservoir d'eau Lannen***
*Contenance de 250 $m^3$. Un filtre à UV y désinfecte l'eau. Les villages de Lannen et Nagem reçoivent leur eau de ce réservoir.*

***4 Source Kuelemeeschte***
*Cette eau est pompée vers le réservoir du Krëschtelbierg.*

***5 Forage Krëschtelbierg***
*Ces deux forages ont été réalisés en 1982 et 2009 et ont une profondeur d'environ 100 m. L'eau est acheminée vers le réservoir du Krëschtelbierg.*

***6 Réservoir Krëschtelbierg***
*Contenance de 1000 $m^3$. L'eau y est traitée grâce à un filtre à UV. De ce réservoir l'eau alimente le village de Ospern ainsi que les réservoirs de Reichlange, Nidderpallen et Redange.*

***7 Réservoir Reichlange***
*Contenance de 50 $m^3$. Fournit l'eau aux habitations de Reichlange.*

***8 Réservoir Nidderpallen***
*Contenance de 50 $m^3$. Fournit l'eau aux habitations de Nidderpallen.*

***9 Réservoir Redange***
*Contenance de 200 $m^3$. Dans ce réservoir arrive l'eau du trop-plein de la source Weiherchen ainsi que celle du réservoir Krëschtelbierg. D'ici est desservi la partie aval du village de Redange.*

### Steckbréif

> 2 Quellen an 2 Buerungen
> 5 Waasserbehälter
> 1 Pompelstatioun
> 950 $m^3$ Waasserverbrauch/Dag
> 37 km Waasserleitungen

### *Fiche signalétique*

> *2 sources et 2 forages*
> *5 réservoirs d'eau*
> *1 station de pompage*
> *950 $m^3$ de consommation journalière*
> *37 km de conduites d'eau*


WAASSERBEHÄLTER LANNEN
QUELL WEIHERCHEN
POMPELSTATIOUN NOJEM
WAASSERBEHÄLTER KRËSCHTELBIERG
WAASSERBEHÄLTER RÄICHEL
3
ROODT
1
2
NAGEM
LANNEN
6
5
7
4
REICHLANGE
9
ELL
REDANGE
QUELL KUELEMEESCHTER
8
NIEDERPALLEN
BUERUNGEN KRËSCHTELBIERG
WAASSERBEHÄLTER RÉIDEN
NOERDANGE
WAASSERBEHÄLTER NIDDERPALLEN


MECHANESCH KLÄRANLAG LANNEN
MECHANESCH KLÄRANLAG NOJEM
MECHANESCH KLÄRANLAG OSPER
MECHANESCH KLÄRANLAGE RÄICHEL
ROODT
LANNEN
NAGEM
1
7
1
2
7
3
REICHLANGE
REDANGE
ELL
4
5
7
6
NIEDERPALLEN
NOERDANGE
BIOLOGESCH KLÄRANLAG RÉIDEN
PROVISORESCH KLÄRANLAG SOLUPLA
MECHANESCH KLÄR-ANLAG NIDDERPALLEN

# D'OFWAASSER AN DER GEMENG RÉIDEN

## Les eaux usées dans la commune de Redange

**1 Mechanesch Kläranlag vu Lannen a Nojem**
Klären d'Ofwaasser vu Lannen a Nojem. Si ginn an Zukunft an zwee Reeniwwerlafbecken ëmgewandelt. Geplangt ass och e Kollekter vu Lannen op Nojem an eng biologesch Kläranlag zu Nojem. De Kollekter vum Nojemerbierg op Nojem ass am Bau.

**2 Mechanesch Kläranlag Osper**
Kläert d'Ofwaasser vun Osper. Geplangt ass d'Ëmwandlung an ee Reeniwwerlafbecken an en Uschloss un d'Kläranlag vu Béiwen-Atert.

**3 Mechanesch Kläranlage Räichel**
Kläert d'Ofwaasser vu Räichel. Geplangt sinn zwee Reeniwwerlafbecken an en Uschloss un d'Kläranlag vu Béiwen-Atert.

**4 Biologesch Kläranlag Réiden**
Si ass fir 2000 Awunnerwäerter ausgeleucht an traitéiert säit 1982 d'Ofwaasser vun Ell a Réiden. De SIDERO ass am gaangen de Kollekter ze baue fir d'Ofwaasser vun hei op Béiwen/Atert ze transportéieren.

**5 Provisoresch Kläranlag Solupla**
An der Solupla huet de SIDERO 2017 eng provisoresch biologesch Kläranlag opgeriicht. De Kollekter fir iwwer Nidderpallen un den Atertdallkollekter unzeschléissen ass an der Planung.

**6 Mechanesch Kläranlag Nidderpallen**
Kläert d'Ofwaasser vun Nidderpallen. Geplangt ass d'Ëmwandlung an ee Reeniwwerlafbecken an en Uschloss un d'Kläranlag vu Béiwen-Atert.

**7 Den Atertdall-Kollekter**
De SIDERO ass am Gaang een neien Ofwaasserkollekter vun Näerden, Réiden an Osper bis an d'Pompelstatioun Roudbach ze bauen. Vun do gëtt d'Ofwaasser an déi biologesch Kläranlag vu Béiwen gepompelt. Den Uschloss vu Réiden an Osper un de Kollektersystem soll bis Enn 2020 fäerdeg sinn.

***1 Stations d'épuration mécanique de Lannen et Nagem***
*Elles traitent les eaux usées de Lannen et Nagem. La construction d'une station d'épuration biologique à Nagem, d'un collecteur entre Nagem et Lannen ainsi que deux bassins déversoirs sont en projet. Le collecteur Nogemerbierg-Nagem est en construction.*

***2 Station d'épuration mécanique d'Ospern***
*Elle traite les eaux usées d'Ospern. Le raccordement vers le collecteur principal de la vallée de l'Attert est en cours de réalisation.*

***3 Stations d'épuration mécanique de Reichlange***
*Elles traitent les eaux usées de Reichlange. Le raccordement vers le collecteur principal de la vallée de l'Attert est projeté.*

***4 Station d'épuration biologique de Redange***
*Mise en service en 1982, elle traite les eaux usées de Redange et Ell. Le raccordement vers le collecteur principal de la vallée de l'Attert est en construction.*

***5 Station d'épuration biologique provisoire de la ZI Solupla***
*Mise en service en 2017, elle traite les eaux usées de la zone Solupla. Le raccordement vers le collecteur principal de la vallée de l'Attert est projeté.*

***6 Station d'épuration mécanique de Niederpallen***
*Elle traite les eaux usées de Niederpallen. Le raccordement vers le collecteur principal de la vallée de l'Attert est projeté.*

***7 Le collecteur principal de la vallée de l'Attert***
*Le SIDERO est en train de poser le collecteur principal allant de Noerdange, Redange et Ospern à la station de pompage de Roudbaach. A partir de là, les eaux usées seront pompées vers la station d'épuration de Boevange/Attert. Le raccord de Redange et Ospern au collecteur principal sera terminé en 2020.*

### Steckbréif

> Member am SIDERO. Dëse Gemengesyndikat këmmert sech em d'Kläre vum Ofwaasser souwéi em d'Instandhale vun de Kläranlagen, den Ofwaasserkollekteren an de Reeniwwerlafbassengen.
> 2 biologesch Kläranlagen
> 5 mechanesch Kläranlagen
> 3 Reeniwwerlafbassengen zu Réiden
> 9 Reeniwwerleef
> ca. 35 km Kanalisatiounsreseau
> 370.000 € Instandhaltungskäschten/Joer

### *Fiche signalétique*

> *Membre du SIDERO. Ce syndicat intercommunal gère la collecte et l'épuration des eaux usées ainsi que l'entretien des stations d'épuration, des collecteurs principaux et des bassins déversoirs*
> *2 stations d'épuration biologique*
> *5 stations d'épuration mécanique (fosses septiques)*
> *3 bassins déversoirs à Redange*
> *9 déversoirs*
> *Environ 35 km de réseau de canalisation*
> *Environ 370.000 € de frais d'entretien annuel*

# PRIX SOLAIRES NATIONAL & INTERNATIONAL 2019

Vendredi 15 Novembre de 13h30 à 19h30
Maison des Arts et des étudiants - Campus Belval

Eurosolar Lëtzebuerg a.s.b.l. a le grand honneur d'organiser la cérémonie de la remise du prix solaire international pour la première fois au Luxembourg à la „Maison des Arts et des étudiants" au campus Belval sous les hauts patronages des Ministères de l'Energie et de l'Environnement, ainsi que les soutiens de la Ville d'Esch-sur-Alzette, du Fonds Belval, de l'Université du Luxembourg, de la Chambre des Métiers, de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs Conseils, MyEnergy G.I.E et de la Fédération des Artisans du Luxembourg.




Cette cérémonie récompense tous les ans des engagements exemplaires dans le domaine de l'énergie solaire dans différents secteurs. Aspects novateur, environnemental, énergétique, social ou bien futuriste seront considérés pour le choix des futurs lauréats.

Notre association organise aussi le Prix Solaire Luxembourgeois pour récompenser les meilleurs projets nationaux, toutes catégories confondues: communes, industries, particuliers, coopératives, architectes, innovations, initiatives citoyennes... Quel que soit le projet solaire, ce dernier peut être présenté au jury. Le lauréat représentera également le Luxembourg pour le Prix Solaire International 2019.

**Le dépôt de candidatures au Prix Solaire Luxembourgeois se fait en remplissant le formulaire sur notre site internet www.eurosolar.lu avant le 31.07.2019.**

## Eurosolar Lëtzebuerg a.s.b.l.

**Qui sommes-nous?**

Eurosolar Lëtzebeurg a.s.b.l. est une section d'Eurosolar e.V association européenne des énergies renouvelables fondée en 2002.

**Quels sont nos objectifs?**

L'expansion des énergies renouvelables, solaire et éolienne principalement jusqu'à l'élimination progressive et définitive de la dépendance aux énergies fossiles et nucléaires.

**Comment y parvenir?**

Diffusion de l'information, encouragement aux développements de l'utilisation des sources renouvelables.

euro
solar Lëtzebuerg a.s.b.l.

**Eurosolar Lëtzebuerg a.s.b.l.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 26 62 57 68-28
T 661 986 837
info@eurosolar.lu
www.eurosolar.lu






# Conseil en énergie gratuit
## pour les citoyens du canton de Redange

**Pour tous les renseignements concernant vos rénovations et nouvelles constructions:**

- Subsides communaux et étatiques
- Économies d'énergies
- Énergies renouvelables (chauffage, sanitaire, électricité)
- Matériaux d'insolation écologiques
- Problèmes d'humidité et de moisissure
- Mobilité durable



**Appelez notre**

**INFOLINE**
**26 62 08 01**
info@energieatelier.lu

energie atelier

INFO STUFF ENERGIE WAASSER KLIMA

infopoint myenergy

Find us on

**ENERGIEATELIER**
VOTRE POINT INFO POUR TOUTES VOS QUESTIONS SUR L'ÉNERGIE
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
www.energieatelier.lu

# GRATIS ENERGIEBERODUNG FIR D'BIERGER AUS DEM RÉIDENER KANTON

Säit 1997 ass de Réidener Energieatelier är Berodungsplaz fir all är Froen zu Theme ronderëm Energie an Nohaltegkeet.

## Neiegkeeten

Eise laangjäregen Energieberoder Marc Neu huet eis Ufanks des Joers verlooss, fir sech op seng perséinlech berufflech Ziler kënnen ze konzentréieren. De Comité an déi ganz Equipe vum Energieatelier soen dem Marc villmools Merci fir seng gutt Aarbecht a säin Engagement iwwert all déi Joren.

Nei am Team ass de Stéphane Devillet. Zanter Januar iwwerhëlt hien eng hallef Tâche am Energieatelier. Déi aner Halschent ënnerstëtzt hien d'Caroline Schmit beim Klimapakt am Réidener Kanton. Zesumme mam Marc Staus ass den Duo vum Energieatelier also gutt opgestallt, a kann Iech bei folgende Froe weiderhëllefen:

- **Energie spueren an erneierbar Energien (Sonn, Holz, Wand, Waasser a Geothermie)**
- **Gesond a nohalteg bauen a renovéieren, de Choix vum richtege Material**
- **Berodung zu Fiichtegkeet a Schimmel**
- **Staatlech a kommunal Subside fir Sanéierung, Neibau an erneierbar Energien**

Dofir zéckt net fir Iech bei eis ze melle fir är Gratis Berodung! Oder kommt gäre laanscht. Mir sinn Dir zu Réiden an der Groussgaass op der Nummer 43.

**Infoline 26 62 08 01**

energie atelier

INFO STUFF

**Réidener Energieatelier a.s.b.l.** 43, Grand-Rue L-8510 Redange/Attert T +352 26 62 08 01 info@energieatelier.lu www.energieatelier.lu

# NATURBAUSTOFF DE NATURBAUMAART ZU RÉIDEN

De Marc Neu ass keen onbekannt Gesiicht hei am Réidener Kanton. De gebiertegen Habschter an President vum Regionalgeld Beki, huet zanter Joren d'Geschécker vum Energieatelier zu Réiden geleet.

Den een oder anere vun Iech huet och eng Energieberodung vun him kritt, oder un engem vun deene sélleche Workshops „Apéro-Chantier" deelgeholl. Hie selwer huet och reegelméisseg u renomméierte Formatiounen deelgeholl, fir sech am Beräich ökologescht Bauen & Wunne permanent weiderzebilden. Eng Passioun. Ganz kloer. Ee Beräich huet et dem Marc besonnesch ugedoen...

## Kompromësslos ökologesch baue mat Stréi.

Dozou de Marc: *„Am Januar hunn ech d'Décisioun geholl fir mech deem voll a ganz hinzeginn: Stréihaiser bauen! Mam Diplom an der Täsch hunn ech mech dunn ëmgekuckt fir dee passende Partner ze fanne fir zesumme kompromësslos ökologesch Haiser aus Stréi & Holz ze bauen. De Pascal a säi Bouf Dominique Gerard vun Inter Toiture sollten et sinn!"* Mat der selwechter Visioun zéien déi 3 un engem Strang, a liewen och no der selwechter Philosophie: Entweder richteg ökologesch ... Marc Neu: *„Oder nit mat eis!"*

## Naturbaustoff. Den éischte Naturbaumaart zu Réiden!

Et wor an ass och nach haut zimlech lästeg, egal op fir Handwierker oder privat Bauhäre fir a Baumäert oder bei Fournisseuren héichwäerteg ökologesch Naturbaustoffer anzekafen, Marc Neu: *„Oft ass an deem Beräich net wierklech eppes Koherentes ze fannen, oder déi eege Qualitéitskritäre stëmmen nit mat de Produkter iwwerteneen. D'Iddi koum dann op déi Saach selwer an d'Hand ze huelen a ganz einfach en eegene Baumaart fir natierlech Baustoffer ze plangen!!!"* An dofir gëtt et keng besser Plaz ewéi de Réidener Kanton, do wou schonn esou vill innovativ Initiativen am Beräich Ëmweltschutz entstane sinn!

## Am Hierscht geet et lass! Ouverture vum Naturbaustoff Réiden an der Zone d'Activité Solupla!

De Naturbaustoff entsteet hannen an der Zone d'Activité Solupla, am Ausgang vu Réiden Richtung Nidderpallen. Et läit ee gutt am Zäitplang mam Bau a mat der Ariichtung, soudatt een am Hierscht mat der Ouverture rechne kann, Marc Neu: *„Dann huet Lëtzebuerg endlech ee Baumaart mat allem wat ee brauch fir ökologesch ze bauen a gesond ze wunnen: Naturfaarwen, Lehm- a Kallekbotz, Isolatiounsmaterial aus Hanf oder Jute, Akustikpanneauen, Heizungssystemer op Lehmplacken, Holz, ... Ganz einfach ALLES a nëmmen dat Bescht wat d'Natur ze bidden huet, vun eis getest a validéiert! Ech freeë mech Iech geschwënn op d'Ouverture invitéieren ze kënnen! Awer dat Allerwichtegst ass ze wëssen, dat Dir bei eis och richteg berode gitt, an dat Dir Iech op eis Erfarung verloosse kënnt!"*

Naturbaustoff
DE NATURBAUMAART ZU RÉIDEN

**Naturbaustoff s.à r.l.** 32i, rue de Niederpallen Z.A. Solupla L-8506 Redange/Attert info@naturbaustoff.lu www.naturbaustoff.lu





# RIDDO OP FIR BARNUM ZU RÉIDEN

## Cuisine Bistronomique, Café-théatre, Cabaret, Concert!

Den Damir huet seng beléiften Aal Brauerei zu Réiden an talentéiert nei Hänn ginn. D'Koppel Alex a Ian hunn de Restaurant mat senger immens schéiner Terrass iwwerholl, an hire „Bëbee" Barnum gedeeft, Ian Lejeune: *„Dat wor dem Alex seng Iddi nodeems mir de Film Greatest Showman gesinn haten iwwert de P.T Barnum, a sengem Striewen déi greatest Show on earth ze realiséieren! Dat passt nit nëmmen zu dem wat mir maache wëllen, och d'Ambiance, d'Faarwen an den Dekor vum Film huet eis ugeschwat!"* Effektiv gesäit d'Aal Brauerei elo ganz anescht aus. Am Agang steet scho mol e Piano. Bannen ass elo alles anescht. T'ass mat vill Goût dekoréiert, vill vintage Objeten, Sëtzecken, enger apaart Wall of Fame, kuerz gesot, et fillt een sech direkt immens wuel. Ian: *„Ech hunn Innenarchitektur studéiert, obwuel ech ëmmer Stylist wollt ginn."*

Eng weider Leidenschaft wor an ass och haut d'Sangen. Ian: *„Wéi ech zu Bréissel studéiert hunn, hunn ech eng Dragqueen besser kennegeléiert, déi meng Stëmm schéi fonnt huet, a mech an hir Glitzerwelt invitéiert huet. Do wor ech verkaaft. Ech hat och déi grouss Éier d'Dragqueen of the Year hei zu Lëtzebuerg ze ginn. Dat wor fir mech eng grouss Éier an och Motivatioun mäi Wee als Ma Dame Yoko bestëmmt virunzegoen. En plus ginn et der och nit vill déi live sangen. Déi meescht maache Playback."*





De Réidener Kanton huet elo eng villverspriechend nei Adress ewéi et se soss just a grousse Metropole gëtt! Barnum verwinnt seng Clientë gastronomesch a kulturell mat Concerten, Cabaret, Shows Transformistes, Spectacles dinatoires, ouni déi exzellent Kichen ze vergiessen. Am August fänkt e neie Chefkach un, deen et z'entdecke gëlt. Ian: *„Mir proposéieren an der Mëttigstonn, wéi gewinnt vun der Aaler Brauerei, nieft der Kaart e Menu de la Semaine. Och Owens ass hei op vu Mëttwochs bis Samschdes. Sonndes si mer op fir ze brunchen! Dann hu mer réigelméisseg Weekends eise kulturelle Programm, den Dîner Spectacle fir 65 €, entrée du spectacle et apéritif inclus. Déi normal Entrée ouni Iesse kascht 30 € pro Persoun, 10 € Gedrénks matabegraff."*

**Barnum** 61a, Grand Rue Redange/Attert **Réservatiounen** T 26 62 13 33 / 691 118 504 info@barnum.lu
Mëttwoch bis Samschdes 10h30-14h30 / 18h-1h Sonndesbrunch: 11h-15h Méindes/Dënschdes Rouhdag

# RATE BLEIWEN NACH ËMMER RATEN…


© Mireille Gereke-Pletschette

**Reservatioun**

Reservéiert elo fir eis nei Produktioun: „Raten“ Vum 18. bis de 27. Juli 2019

Iwwer Telefon um 671 222 224

Iwwer de Reservatiounsformulär op www.schankemaennchen.lu

Entrée:
20 € fir Erwuessener
12 € ënner 18 Joer

Och 2019 bréngt de Schankemännchen erëm e Klassiker an de Prommenhaff zu Groussbus op d’Bühn. „Raten“ heescht di nei Produktioun, eng fräi Iwwersetzung an Adaptatioun op Lëtzebuerger Verhältnisser vum Gerhart Hauptmann sengem „DIE RATTEN“, deen hien 1911 an aarmséilege Verhältnisser zu Berlin spille gelooss huet. 2019 hausen dem Jemp Schuster seng „RATEN“ zu Lëtzebuerg. D’Gesellschaft huet sech verännert, awer d‘Rate bleiwen nach ëmmer Raten, egal vu wou se hierkommen.

Den Theaterdirekter August Faxmeier huet säin Theater an der Stad missen opginn. En huet säi Fundus gerett a sech am Hotel Bon Repos um Duerf niddergelooss. Hei prouft e weider mat senge Schauspillschuler, an hofft drop, erëm eng Kéier e richtegen Theater kënnen opzemaachen.

D‘Anna Hannersteen hält him alles an der Rei. Hire Mann, de Victor, ass Trucker, a vill ënnerwee. Si haten e Kand, dat awer no e puer Deeg gestuerwen ass, an hätten erëm gär eent. Et klappt awer net. D’Olga Ivanova, dat sech eng Kéier am Victor sengem Camion verstoppt hat, an esou mat him iwwert d’Grenz aus der Ukrain op Lëtzebuerg komm ass, erwaart e Kand, dat et net wëllt. D’Anna keeft him et of, fir de Victor gleewen ze dinn, et wier hiert Kand. Awer d’Olga kritt Gewëssensbëss, a wëllt säi Kand erëmkréien. Elo fäert d’Anna, et géif alles opfléien. Et sicht verzweiwelt en Auswee…

**Den aktuelle Comité**

Christiane Thommes
*Presidentin*

Roger Gereke
*Vizepresident*

Désirée Biver
Keessiär

Gaby Mack
*Sekretärin*

Lydie Arendt

Michèle Gleis

Nathalie Gremling

Gilles Martiny

Serge Pauly

Marc Pletschette

Tom Ries

Jemp Schuster
*artistischen Direkter*

SCHANKEMAENNCHEN.LU

Syndicat Intercommunal
"De Réidener Kanton"

# RATTEN

GERHART HAUPTMANN 1911
JEMP SCHUSTER 2019

14. FRÄILIICHTSPEKTAKEL

## AM PROMMENHAFF
## ZU GROUSSBUS

18. 19. 20. 23. 24.
25. 26. 27. JULI 2019


21.00 AUER



RESERVATIOUN : TEL. 671 222 224
WWW.SCHANKEMAENNCHEN.LU

# Musique
## dans la vallée

## Musik am Atertdaul




Association des communes de la Vallée de l'Attert belgo-luxembourgeoise : Attert - Beckerich - Ell - Préizerdaul - Redange

# FESTIVAL MUSIQUE DANS LA VALLÉE 22e ÉDITION

Rendez-vous traditionnel dans la Vallée de l'Attert belgo-luxembourgeoise, ce festival propose tous les ans de fin août à fin septembre 6 concerts de musique classique. Dédié à la voix, le festival „Musique dans la Vallée" s'est fait une réputation grâce à un programme varié, des artistes prestigieux et des lieux pleins de charme.



A l'initiative de 5 communes de cette vallée c'est-à-dire Attert pour la Belgique, Beckerich, Ell, Préizerdaul et Redange, ce festival veut amener dans les villages des concerts de haute qualité et faire connaître son patrimoine bâti et naturel. Le programme 2019 a été présenté le vendredi 24 mai à Bettborn. Cette année, à côté de trois ensembles bien établis: le chœur féminin **Rimsky-Korsakov** de Saint-Petersbourg, le concert de l'**Hostel Dieu** de Lyon et le **Namur Chamber Orchestra**, les organisateurs ont voulu réunir des artistes qui ont peu ou jamais travaillé ensemble. Cette 22e édition vous permettra en effet de découvrir des ensembles dans des compositions uniques et originales. **Hélène Bernardy** sera de passage dans la vallée avec cinq artistes belges et grand-ducaux. La pianiste attertoise qui monte en gamme, **Léna Kollmeier** sera sur scène avec trois autres musiciens talentueux de la Province de Luxembourg. Quant à **Pierre Kremer**, **Rosch Mirkes** et **Marc Dostert**, ils ont répondu avec enthousiasme à la demande du festival de monter un concert mettant à l'honneur les orgues de Ell.

**Réservations**

Commune de Beckerich
T +352 23 62 21-1 (de 8-12h)

Au Pays de l'Attert
T +32 63 22 78 55
musique.vallee@attert.be

**Programme**

www.aupaysdelattert.be/festival-musique-dans-la-vallee

Syndicat Intercommunal "De Réidener Kanton"


Artour Summerprogramm
ORGANISÉIERT VUM
RÉIDENER JUGENDTREFF
Am Zärenhaus - 1, Rue de Niederpallen
29. Juli - 2. August 2019
10:00 - 17:00 Auer
2. August : Grousse BBQ bis 19 :00 Auer
Alter:
12 - 16 Joer
PHOTO-VIDEO
KONSCHT
Sport
THEATER
GRAFFITI
MUSEK
ANIMATIOUN
SCHREIFT IECH AN
TELEFON : 23 62 05 09
E-MAIL :
NIKI@MJREDANGE.LU
LEADER
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural
Fonds européen agricole pour le développement rural : l'Europe investit dans les zones rurales

# MIR LOOSSE KEEN AM REEN STOEN

**Opruff N°4 - Summer 2019!**

Reecht är Iddi an fir e staarken sozialen Zesummenhalt an eiser Regioun!



Am Kader vum LEADER-UMBRELLA-Projet „Sozialwierkstat" huet d'Lokal Aktiounsgrupp Atert-Wark sech zum Zil gesat de sozialen Zesummenhalt an der Regioun aktiv ze fërderen, dat iwwer d'Ennerstëtzung vu Mini-Projet'en wou Zesummenaarbecht op lokalem oder regionalem Niveau groussgeschriwwen gëtt.

**Är Iddien, deemno dës Mini-Projeten, sollen folgend Zilgruppen begënschtegen an abannen:**

- Mënschen déi sech an enger prekärer Situatioun befannen,
- Mënschen déi Ënnerstëtzung brauchen, fir sech besser an eiser Kultur erëmzefannen,
- Mënschen mat enger kierperlecher oder geeschteger Behënnerung,
- Mënschen, déi eleng sinn.

Äer Kreativitéit an äere Mutt zur Innovatioun senn heibäi d'Trëmp.

**Dësen Opruff richt sech un:**

- Verbänn, Organisatiounen a Veräiner ouni Gewënnzweck, déi hei an der Regioun (Kanton Réiden & Gemeng Mäerzeg) aktiv sinn.
- Konsultativ Gemengekommissiounen esou wéi Grondschoulen aus dem Réidener Kanton an der Gemeng Mäerzeg.

D'Projetsträger sollten besonnesch och jonk Leit dozou encourageéieren, bei der Iddiensich souwéi bei der Projet'semsetzung aktiv mat ze maachen a mat ze gestalten.

**Mir finanzéieren äre Mini-Projet UMBRELLA**

D'Lokal Aktiounsgrupp Atert-Wark finanzéiert 100% vun de Projetskäschten, dat mat engem Plafong vu maximal 3.000 €. Nitt bezuelt ginn d'Stonnen vun de Fräiwëllegen, déi matmaachen.

D'Lafzäit vun esou engem Mini-Projet ass maximal 1 Joer, a gëlt vun dem Moment un, wou de Projet bewëllegt gouf.

**Wichteg Terminer!**

Dir kënnt ären Dossier bis den **16. September 2019 areechen**, dat un d'Adress vum LEADER-Bureau Atert-Wark. Dir kritt duerno innerhalb vun 2 Méint Bescheed gesot, op äere Mini-Projet ugeholl gouf oder nitt.

Den Umbrella-Projet „Sozialwierkstat" ass e Projet, deen sech iwwert 3 Joer zitt. 2x am Joer gëtt en Opruff gemeet. Den nächsten Opruff ass am November 2019!

**Froen?**

Zéckt nitt. De LEADER-Bureau zu Réiden steet Iech zur Verfügung. **Besicht och eise Site aw.leader.lu a lued Iech hei all relevant Dokumenter erof.** Mir wënschen Iech vill Erfolleg bei Äerer Kandidatur a freeën eis op vill flott Iddien.

Vous trouvez la traduction française du texte sur notre site internet!

**Bureau LEADER Atert-Wark**
34, Grand-rue
L-8510 Redange
T +352 23 62 24 90
aw@leader.lu
www.aw.leader.lu

PROJET UMBRELLA „SOZIALWIERKSTAT“

Hier finden Sie Infos zu einem Mikro-Projekt was im April 2019 zurückbehalten wurde.

# Cycle de conférences „La parole est à vous!“

Le Familljenhaus Westen, conjointement avec le service Quai 57-Suchtberodungsstell, a le plaisir de vous informer de l’organisation d’un cycle de conférences itinérantes pour la région Leader Atert-Wark dans le courant de l’année 2019. Ce cycle de conférences entend aborder plusieurs sujets d’actualités et développera à cet effet des thématiques touchant aux préoccupations éducatives, sociales et sociétales. Outre d’apporter le regard d’un expert sur les questions abordées, ces conférences viseront également à favoriser le débat et l’échange entre professionnels et le grand public.

arcus
am Déngscht vu Kanner, Jugend a Famill

**Familljenhaus Westen** Aula - 38, Grand-Rue L-8501 Redange/Attert T 29 48 04 90 quai57@arcus.lu www. arcus.lu

# Le programme du cycle de conférences

Entrée libre et sans inscription préalable

## 16 octobre 2019

### Que faire avec ces enfants qui dérangent à l'école?

*Description:* La 1ère réaction quand il y a un enfant qui dérange en classe c'est qu'on pense qu'il le fait de manière volontaire pour embêter les autres élèves et aussi le personnel enseignant. Quand on y regarde de plus près on fait rapidement le constat que c'est chez l'enfant l'expression d'une souffrance intérieure. Mais de quoi ces enfants ont-ils besoin pour s'en sortir?

*Orateurs:* Gilbert Pregno, (Psychologue, psychothérapeute psychologue, formateur en thérapie familiale; superviseur individuel et d'équipe, ancien directeur de la fondation Kannerschlass au Luxembourg), Madame Ydoya Perez (Pédiatre sociale à Alupse asbl), Monsieur Claude Boever (directeur de l'Atert-Lycée Rédange), Liliane Kremer (Chargée de direction Kannerhaus Grevenmacher).

*Modérateur:* Grégory Lambrette, Chargé de direction, psychologue et psychothérapeute au Quai 57 – Suchtberodungsstell.

*Lieu:* Centre Turelbach
22, rue principale L-9168 Mertzig

*Horaire:* de 19h30 à 21h

*Langue:* Français (traduction simultanée en luxembourgeois)

## 5 novembre 2019

### La légalisation du cannabis: Etat des lieux des connaissances et des pratiques.

La Maison des Jeunes de Rédange présentera avant la conférence une pièce de théâtre préparé par leur soin.

*Description:* Cette conférence aura pour ambition de présenter l'état des connaissances et des pratiques au sujet du cannabis à usage récréatif. De quoi parle-t-on lorsque l'on parle d'addiction? A quoi pouvons-nous nous attendre face à un projet de légalisation au Luxembourg? Quels sont les premiers constats et les conséquences observées au sein des Etats ayant légalisé cette pratique. Voilà quelques unes des questions auxquelles cette conférence entend répondre.

*Orateur:* Lambrette Grégory, Chargé de direction, psychologue et psychothérapeute au Quai 57 – Suchtberodungsstell.

*Lieu:* Salle Aula
1, rue d'Ospern L-8510 Redange/Attert

*Horaire:* de 19h30 à 21h

*Langue:* Français (traduction simultanée en luxembourgeois)

## 3 décembre 2019

### La prévention du suicide chez les jeunes: comprendre pour mieux agir!?

*Description:* La conférence a pour objectif de sensibiliser sur la prévention du suicide et sur les moyens de prise en charge à différents niveaux. Après une introduction sur le sujet, nous présenterons quelques données épidémiologiques notamment sur le suicide chez les jeunes, nous verrons les facteurs de risque et de protection qui favorisent ou freinent l'apparition d'une crise suicidaire, nous présenterons brièvement les méthodes qui permettent de détecter la crise et nous clôturerons avec des recommandations pratiques en matière de prévention.

*Orateur:* Dr Fränz D'Onghia, Docteur en Psychologie, coordinateur des travaux d'élaboration et de mise en place du plan national de prévention du suicide pour le Luxembourg, Chargé de direction du Service Information et Prévention de la Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale.

*Lieu:* Salle communale
28, rue du Lac L-8808 Arsdorf

*Horaire:* de 19h30 à 21h

*Langue:* Luxembourgeois (traduction simultanée en français)

En proposant un cycle de conférences itinérant portant sur des préoccupations sociales actuelles, nous souhaitons favoriser la cohésion sociale en aidant au dialogue aussi bien entre professionnels qu'au sein de la population locale. Les échanges que ces conférences souhaitent initier devraient également permettre de mieux appréhender des besoins non encore identifiés ou restés satisfaits dans la région Leader Atert-Wark. Aussi en confiant la parole aussi bien aux experts qu'au grand public, cette initiative entend stimuler le dialogue et le partage d'opinions au bénéfice des populations locales et des pratiques sociales actuelles ou à inventer.

Pour tout renseignement, vous pouvez contacter:
**Nicole Gorza – Coordinatrice du Familljenhaus Westen**
nicole.gorza@arcus.lu (T 40 49 49 600) ou
**Grégory Lambrette – Chargé de direction, psychologue et psychothérapeute**
au Quai 57 - Suchtberodungsstell
gregory.lambrette@arcus.lu (T 26 48 04 90)

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

# AGENDA

## JULI



17. & 24.7 / 9h45-10h45

Manukultura Useldeng
Sall Cabaret

### Mawiba Danzcours Meet - Dance - Relax

Mam Julia Haslbauer
Fir schwanger Fraen (PRE-MAWIBA)
Fir Elteren mat hire Puppelcher am Droduch (MAWIBA Baby)
Fir Danzbegeeschterter vun all Alter (MAWIBA-Solo)
Participatioun: 15 € / Cours
oder 90 € / 6-Wochen-Cours
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

du 17.7-28.8

Moulin de Beckerich

### Visites guidées régulières du Millemusée en été

Tous les mercredis à 10h
RDV dans la cour intérieure du moulin
Prix: 5 € - Sans inscription

---

18.7 / 19h30-21h

Manukultura Useldeng
Sall Cabaret

### Virtrag a Live-Concert: North Mississippi Blues Live!

Mam Ben Boulanger
Gittar a Gesang: Patrick Louis
Batterie: Tom Lehnert
Participatioun: 10 €



18.7 / 14h-17h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Atelier Relooking Recyclage vu Miwwel an alen Objeten

Mam Anick Boltz
Participatioun: 70 € / Atelier
Umeldung: T 661 968 396
vintagehomemore@gmail.com

---

18.7 / 20h

Moulin de Beckerich
Salle Scheier

### Jeudis au moulin Irland

Mam Christian Schmit
Fräien Entrée
Eng Umeldung ass erwënscht

---

20.7

(a) 15h-16h / (b) 16h30-17h30

Manukultura Useldeng
Sall Cabaret

### Wir entdecken die Welt mit Tanz

Mam Julia Haslbauer
3 Stopps,1 Stopp proTag: Frankreich, Portugal, Marokko
Vun 2,5-5 Joer (a) 6-10 Joer (b)
Participatioun: 5 € / Kand
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

25.7 / 14h-16h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Kanner Mol-Cours

Mam Claudine Maillet
Fir Kanner aus den Cyclen 2-4
29.5 Thema: Meng Famill, meng bescht Frënn an ech
25.7 Thema: Summer
Participatioun: 10 € / Kand
(Material inklusiv)
Umeldung: T 691 191 068

---

26.7 / 21h

Moulin de Beckerich
R.-V. Parking vun der Seeërei

### Fakelwanderung um Kuelebierg

Geschicht an Geschichten aus dem Duerf
Mam Nicolas Schweicher an Francis Delaporte
Den Entrée ass fräi · LU
Umeldung bis den 22.07

---

27.7 & 18.8 / 9h30-16h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Mol-Stage

(fir Leit mat Mol-Erfahrung)

Mam Claudine Maillet
Participatioun: 50 € / Persoun
Umeldung: T 691 191 068

---

29.7-2.8 / 9h30-16h30

Moulin de Beckerich
Millenatelier

### Stage artistique Libérer sa créativité!

Animé par Françoise Bande
L'atelier se présentera comme un terrain d'expérimentation pour observer, rechercher, essayer, explorer, prendre des risques, faire des erreurs, recommencer, se laisser surprendre, et surtout... s'autoriser à être créatif!
Prix: 200 €/matériel compris
Infos et inscriptions: T 621 25 29 79
francoise.bande@beckerich.lu

## AUGUST

1.8 / 14h-17h

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Zesumme kreativ Mir experimentéieren zesumme mat Woll

Mam Michèle Wilhelm
Fir Kanner vu 6 bis 12 Joer
Participatioun: 10 € / Atelier
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

7.8 / 9h45-10h45

Manukultura Useldeng
Sall Cabaret

### Mawiba Danzcours Meet - Dance - Relax

Mam Julia Haslbauer
Fir schwanger Fraen (PRE-MAWIBA)
Fir Elteren mat hire Puppelcher am Droduch (MAWIBA Baby)
Fir Danzbegeeschterter vun all Alter (MAWIBA-Solo)
Participatioun: 15 € / Cours
oder 90 € / 6-Wochen-Cours
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

10.8

(a) 15h-16h / (b) 16h30-17h30

Manukultura Useldeng
Sall Cabaret

### Wir entdecken die Welt mit Tanz

Mam Julia Haslbauer
3 Stopps,1 Stopp proTag: Frankreich, Portugal, Marokko
Vun 2,5-5 Joer (a) 6-10 Joer (b)
Participatioun: 5 € / Kand
Umeldung: manukultura@useldeng.lu

---

18.8 / 9h30-16h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Mol-Stage

(fir Leit mat Mol-Erfahrunge)

Mam Claudine Maillet
Participatioun: 50 € / Persoun
Umeldung: T 691 191 068

---

23.8 / 14h-16h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

### Kanner Mol-Cours

Mam Claudine Maillet
Fir Kanner aus den Cyclen 2-4
29.5 Thema: Meng Famill, meng bescht Frënn an ech
25.7 Thema: Summer
Participatioun: 10 € / Kand
(Material inklusiv)
Umeldung: T 691 191 068

## SEPTEMBER

2.-4.9 / 9h-16h

Moulin de Beckerich
Salle Millenatelier

**Stage de vannerie**
**Osez l'osier**

Avec Françoise Marion
Prix: 190 €
Inscription obligatoire:
francoise@vandouest.com
ou T +32 478 500 2014

---

àpd 9.9 / 9h-12h ou 14h-17h

Moulin de Beckerich
Salle Millen 2

**Cours de calligraphie**

Avec Stéphane Alfonsi
Prix: 180 € pour 6 séances
280 € pour 10 séances
Dates au choix: 09.09, 23.09, 07.10, 14.10, 28.10, 04.11, 18.11, 25.11, 09.12, 16.12

---

12.9 / 14h-17h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

**Atelier Relooking**
**Recyclage vu Miwwel**
**an alen Objeten**

Mam Anick Boltz
Participatioun: 70 € / Atelier
Umeldung: T 661 968 396
vintagehomemore@gmail.com

---



14.9 / 9h30-12h30

Manukultura Useldeng
KreativAtelier

**Intergenerationellen**
**Upcycling-Atelier**
**Petzien aus ale Strëmp**

Fir Erwuessener an hier Kanner ab 6 J.
Mam Shirley Dewilde vun A'Musée
D'Atelieren sinn repetitiv a bauen net openeen op.
Participatioun: 35 € / Atelier & 25 € / 2. Persoun vun der selwechter Famill
Umeldung: manukultura@uselden.lu

àpd 17.9 / 9h-12h

Moulin de Beckerich
Salle Millen 2

**Cours de couture**

Au fil des mois...
préparation du trousseau de bébé
Avec Anick Brochu
Dates: mardi 17.9, jeudis 26.9, 3.10, 10.10, 17.10, 24.10, 07.11, 14.11, 21.11, 28.11, 5.12, 12.12
Prix: 250 €

---

àpd 18.9 / 17h-19h

Moulin de Beckerich
Salle Millen 2

**Cours de couture**
**pour avancés**

Avec Chantal Koster
Dates: 18.09, 25.09, 02.10, 09.10, 16.10, 23.10, 06.11, 13.11, 20.11, 27.11
Prix: 180 €

---

19.9 / 20h

Moulin de Beckerich
Salle Scheier

**Jeudis au moulin**
**Les saints intercesseurs**
**et la médecine**

Avec Marc Bruck
Entrée libre et gratuite - FR

---

àpd 20.9

Tous les vendredis 9h-12h

Moulin de Beckerich
Millenatelier

**Atelier de peinture**
**Paysage**

Animé par Françoise Bande Françoise Bande
Le paysage sera abordé comme seul sujet sur la toile.
Chacun le représentera selon sa vision en étant attentif aux effets de la lumière et des couleurs entre elles. Un atelier pour apprendre à simplifier afin de ne garder que l'essentiel du lieu et de la sensation ressentie.
Prix: 110 € par trimestre
Infos et inscriptions: T. 621 25 29 79
francoise.bande@beckerich.lu

Cloos & Kraus Jobangebote (M/F)

. Serviceberater Rasen- und Grundstückpflege (Motor-Geräte)
. Elektro-Fachkraft
. Büroangesteller / Buchhaltungsassistent
. Herdenmanager

Detaillierte Jobbeschreibung auf www.clooskraus.lu

CLOOS & KRAUS S.À R.L.
Machines agricoles, industrielles et espaces verts

Anc. Ets. Cloos & Kraus . 10, ZAC Jauschwis . L-7759 Roost/Luxembourg
Tel.: 28 68 45-1 . paul.siebenaller@clooskraus.lu

GESONDBAUEN.lu
Nerden & Fils sàrl
Entreprise de construction
Beckerich Tél. 23 62 14 93 www.gesondbauen.lu

Habitations I Bâtiments commerciaux I Façades
Transformations I Aménagements extérieurs
Enduits traditionnels & argiles I Isolations écologiques
Chapes & Carrelages I Promotions immobilières

ENERGIE FIR D'ZUKUNFT+
ClimEEC ECO • EXPERT • CLUSTER




Am Partenariat mat:

CHAMBRE DES METIERS Luxembourg

FEDERATION DES ARTISANS

OAI ORDRE DES ARCHITECTES ET DES INGENIEURS-CONSEILS




NERDEN
CONSTRUCTIONS
NC
www.nerdenc.lu
Tél.: 26 62 12-58
Constructions • Chapes • Carrelages
Facades • Plafonnages



**FIR EIS ÉQUIPEN AN DER COMPTABILITÉIT AN AM LOUNATELIER ZE STÄERKEN, SICHE MIR :**

- **1 qualifizéierten Gestionnaire salaires (m/f) Voll- oder Halleftâche**
- **1 qualifizéierte Comptabel (m/f) Voll- oder Halleftâche**
- **1 qualifizéierte Comptable fir Privatsteiererklärungen an enger halwer Tâche**

- Dir hutt déi entspriechend Formatioun an eng zolitt Erfahrung
- Dir sidd engagéiert a sidd mat Freed un der Aarbecht
- Dir hutt gären de Kontakt mam Client, hutt Gedold a Matgefill
- Dir schafft gären an enger klenger, kompetenter an dynamescher Équipe
- Dir wëllt kee Stau um Wee fir op d'Aarbecht an e Parking virun der Dir
- Dir schwätzt a schreift Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch

Une fiabilité
à toute épreuve

Dir sidd interesséiert a wëllt eis kenne léieren? Da schreift eis mat Curriculum Vitae a Photo op 14, Haaptstrooss L-8720 Rippweiler.

Mir stinn fir e gudden Ausgläich tëschent dem professionellen a privaten Liewen an bezuelen entspriechend Ärem Asaz.

Fiduciaire interrégionale s.a.
fiduciaire comptable

14, Haaptstrooss
L-8720 Rippweiler

t + 352 23 62 33-1
f + 352 23 62 33-29

fiin@pt.lu
fiduciaire-interregionale.lu




Cheminées • Poêles à bois et à pellets • Ramonage • Tubage

Walux
Bioenergy

1 Arelerstrooss - L-8523 Beckerich - Tél: +352 26 62 14 08 - walux@pt.lu - **www.walux.lu**

REDANGE INTÉRIEUR
CUISINES ÉQUIPÉES - MOBILIER SUR MESURE



ZE GEWANNEN

2 X SMEG WAASSERKOCHER

1 X SMEG PRESSE FRUIT





Redange Intérieur zu Réiden plangt a baut équipéiert Dramkichen. Mir sti fir Qualitéit, Innovatioun & Design a perfekter Harmonie. Eis Gamme mat onendleche Kombinatiounsméiglechkeete begeeschtert, an eis verstänneg Präisser nach vill méi.

Profitéiert vun eisem Savoir-Faire an enger Garantie vun 10 Joer. Nieft neie Kiche upcycle mir och är al Kichen!

***Redange Intérieur est un gage de qualité, d'innovation et de design pour votre cuisine.***

*Nous planifions et fabriquons des cuisines ergonomiques et esthétiques, alliant confort et design. Notre choix de façades, de coloris de caisson, coloris de plan de travail en stratifié, ainsi que nos prix vous enthousiasmeront! Ne vous en passez pas de notre savoir-faire et de notre garantie de 10 ans. Upcycling de votre ancienne cuisine? Parlons-en!*

**Redange Intérieur**
Z.A. Solupla
Redange/Attert
T 28 79 72 99
info@redange-interieur.lu
www.redange-interieur.lu

Ouverture du mardi au vendredi /
Ëffnungszäiten vun Dënschdes bis Freides: 10h-17h




- MIWWEL
- SHOWROOM
- BUEDZËMMER
- UPCYCLING
- DIEREN
- SCHIBEDIEREN
- IESSDËSCHER
- ABAUSCHIEF
- INNOVATIOUN
- ERGONOMIE
- SCHRÄINERQUALITÉIT




Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées. Renvoyez le coupon de participation avant le 31 août 2019 par courrier. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi la bonne réponse reçue et seront avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition de septembre.

# RESULTAT

## VUM MOT MYSTÈRE AUS DEM SYNERGIE 51

**Schanen Manon** - Useldange
**Moris Astrid** - Vichten
**Rodenbour Vivianne** - Grevels
**Seyler Christiane** - Hovelange
**Wampach Joseph** - Useldange
**Thill Guy** - Perlé
**Alves Maria** - Useldange
**Maquil Marnie** - Useldange
**Schuster Nicole** - Grosbous
**Maquil Niki** - Mertzig
**Pietsch Josiane** - Useldange
**Olinger Diane** - Dellen
**Christiane Gillen** - Saeul
**Denise Hemmer** - Wolwelange
**Chris Weber** - Mertzig
**Wagner Cynthia** - Noerdange
**Brauch Jacqueline** - Beckerich
**Seyler Nathalie** - Pratz
**Reiser Marie-Paule** - Redange
**Chennaux Noerbert** - Brouch

**gewannen jeeweils 1 Bong vun 25 €**

DOGMA
• AURÉLIE'S PET STORE •

# MOT MYSTÈRE
## COUPON-RÉPONSE

| | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | A | | | | | H | | |

Nom & Prénom

Rue & numéro

Localité

Email

Tél.

**SYNERGIE**
p/a Art & Wise s.à r.l.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich

REDANGE INTÉRIEUR
CUISINES ÉQUIPÉES - MOBILIER SUR MESURE

SYNERGIE




## Vous avez un projet ? Réalisons-le ensemble !

Visitez notre **Maison Témoin** équipée d'un système complet en domotique sans fil **EnOcean**® et d'installations technologiques **écologiques** à base d'énergies renouvelables.

Visites sur rendez-vous.

clk.lu

E gudde Projet brauch e **staarke Partner**

Le bon plan aux mains d'un **partenaire solide**

CLK
CONSTRUCTIONS

(+352) 88 82 01 · 2, Zone Industrielle L-9166 Mertzig · www.clk.lu